PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 20/04/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & de Minister fir Aussenugeleeënheeten an Europa weiderzeleeden.

Mengen Informatiounen no, goufen et schonn an der Vergaangenheet eng Réi Beméiunge säitens der Lëtzebuerger Diplomatie, fir op d'Situatioun an de Regiounen Donbass a Lugansk opmierksam ze maachen. Dës Beméiungen hunn zäitweis parallel zu Treffen an Telefonater vum Premier mat russesche President stattfonnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf et säitens der Diplomatie tëscht 2014 an haut Reesen an oder bäi d'Regiounen Donbass a Lugansk? Wa jo, wat war d'Zil vun dëse Reesen? Wat war de Fazit?

2. Wéi stinn d'Beméiunge vun der Diplomatie am Rapport zu de Gespréicher vum Premier mam President Putin an dëser Zäit, zum Beispill wärend der Weltausstellung 2017 zu Kasachstan?

3. Kann de Premier versécheren, dass hei een eenheetleche Message zu de russeschen Aggressioune säit 2014 vu Säite vu Lëtzebuerg géigeniwwer Russland an der Ukrain vermëttelt gouf?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député